No.8
6/2005

Salut!

Bulletin de liaison
du Peugeot Classic Club
Luxembourg

www.peugeotclassic.lu

Randonnée des Chevronnés et Lionnés

Dëst Joër wor déi 2. Oblag vun der 1. Mee Sortie déi zesummen mam André Citroën Club Lëtzebuerg organiséiert gouff. Sonndeg den 1. Mee hun mer ons bei herrlechem a summerlechen Wieder géint 9.00 Auer um Glacis an der Staad Rendez-vous gin. Mat dobäi woren d'Memberen vun onsem Club: d'Famill Becker (504 cabriolet), M. Brandenburger (203 découvrable), M. Fischer (mam Raym. sengem 504 TI), M. Hansen (504 GL), M. a Mme Hilger (404 berline), M. Martins Bento mat sengem Bouf (Traction avant), M. Pancaldi (404 cabriolet), M. Reuter (203 coupé), M. Reuter mat séngem Meedchen (404 berline), M. a Mme Roder (404 berline), M. a Mme Schaefer (203 berline), M. Strasser (304 S cabriolet).

Iwwer de Senningerbierg goun et Richtung Musel erof op Wasserbëlleg. No enger klenger Kaffispaus an der COPAL huet den eigentlechen Tour ugefang. Bei Grevenmaacher goun et iwer d'Muselbréck, Richtung Saarburg, Mettlach an den Hunsrück erop wou mer géint Mëtteg zu Weiskirchen ukomm sin. Am Parkhotel Weiskirchen hu mer ons bei engem gudden Brunch (Entrée, Haaptplat an Dessert) à volonté régaleiert. Duerno a fir dat ganzt ze verdauen stun déi 2. Etapp um Programm, de Fliegermusée zu Hermeskeil mat sengen sellëgen Exponaten vun aal bis manner aal. No der Visite goun et zeréck an den Hotel fir zesummen e leeschten an e gudde kille Pättchen ze drenken. D'Heemrees op Letzebuerg wor géint 18.00 Auer an huet ons iwer Zerf a Konz op d'Muselbréck zu Grevenmaacher zeréckbruecht. Do wor den Tuer mat eppes iwwer 200 km am ganzen och eriwwer an den Daag esou lues erem bei enger gudder Ambiance, keen „Accroc" a „Panne" an immens schéinen a waarmen Wieder. Déi 3. Edition fir d'nächst Joër steet elo schons fest.

Les véhicules des membres

Peugeot 203, année 1953 de Manuel Reuter, Schwebach

Autojumble 2005

Den 23. an 24. Abrëll huet d'Lëtzebuerger Oldtimer Fédératioun fir déi zweete Kéier den Autojumble an der Victor Hugo Hal um Lampertsbierg organiséiert. Eise Club war mat éngem flotte Stand vertruden a well d'Thema « Les voitures populaires » war, hate mer folgend Autoën ausgestallt: Eng 203 (Guy Rausch), 403 familiale (Roland Wiesen), 403L (Raymond Strasser), 404 (Lucien Hilger) an e 504TI (Françis Moes). De Paul Becker huet eis e Comptoir an en Dech mat Still matbruecht, datt mir de ganze Weekend eis Gäscht konnte konfortabel empfänken.

Rassemblement International an Holland

Eellef Lëtzebuerger haten sech de Péngschtweekend op de Wee Richtung Holland gemach fir um alljährege Rassemblement vun der Aventure Peugeot deelzehuelen. Iwwer 300 Peugeotsfrënn mat 190 Autoën aus 14 verschiddene Länner haten sech afond, vun eisem Club waren derbäi d'Petz (504 cabrio) an de Paul Becker (504 cabrio), de Luss Hilger (404) an den Dan Kinn (504 coupé). Den Départ fir déi éischt Etapp war bäi Peugeot Expérience zu Breukelen zwëschen Utrecht an Amsterdam. Hei ass no bäi der Autobunn eng grouss, modern Garage mat Austellungsraum no engem neie Konzept entstan. Niewent enger Billeraustellung konnten mer och schon den neien 1007 bewonneren. E flotten Tour huet eis zwësche Kanäl a Wandmillen iwwer Ophemert zeréck op Vollenhoven gefouert. An engem riesegen Zelt war owwes den traditionnelle Galadiner, wou mer et eis gudd schmache gelooss hunn.

Den aaneren Dag si mer bäi Reen fortgefuer, mee séier ass den Himmel opgang an an der Mëttesstonn konnte mer gemütlech zu Zeewolde picknicken a mat interesséierte Leit iwwert eis Autoën diskutéieren. Esouguer zwee lëtzebuerger Memberen déi an Holland liewen koumen eis besichen! Am Nomëtten goung ët zwëschen Kéih a Schof zeréck op Vollenhoven wou mer mat engem Barbecue eis esou lues Aeddi gesot hun. Eng Präisiwwereechung fir déi eelsten, déi am wäitgereesten, onglécklechst Participanten an den eelsten Auto, huet dëse flotten Weekend oggeschloss. A wien nach nët genuch al Autoë gesinn hat, konnt iwwer Ciney heemkommen.

Dates à retenir:

11 - 12 juin 2005
Retro Meus'Auto
Lac de Madine(F)

14 juin 20.00 hrs
Réunion membres Lux.-Pfaffenthal

23 juin
Visite usine et musée Peugeot
à Sochaux (F)

26 juin
Familljefest Medernach

12 juillet 20.00 hrs
Réunion membres Lux.-Pfaffenthal

Prochaines réunions membres:
16 août, 13 septembre, 11 octobre,
8 novembre et 13 décembre 2005

Notre salle de réunion au
32, rue Laurent Ménager
Luxembourg-Pfaffenthal

Adresse de contact:
Peugeot Classic Club Luxembourg
c/o Jacques Hansen
73, Cité Millewee L-8064 Bertrange
contact@peugeotclassic.lu

Comité 2005:

De Comité huet als neie Member de Robert Roder kooptéiert a sëtzt sech elo esou zesummen:
R. Strasser, President; J. Hansen, Sekretaire;
R. Pancaldi, Trésorier; L.Hilger, M. Reuter,
R. Roder, J.-C. Schaefer, Memberen.

INVITATION

Visite usine et musée à Sochaux

23 juin 2005

Inscription et plus de détails
dans le courrier en annexe